N°1836
Entrée le 24.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

De 24te Januar ass den International Day of Educatioun. Den UNESCO Global Education Monitoring Report 2024 weist drop hin, dass weltwäit 251 Millioune Kanner a Jugendlecher net an d'Schoul ginn. Besonnesch alarmant ass och, dass 70 Prozent vun den zéng Joer ale Kanner a Länner mat niddregen a mëttlere Revenu net an der Lag sinn, eng einfach Geschicht ze liesen an ze verstoen.

Am Kontext vun de Sustainable Development Goals (SDG 4) an dem Zil vun enger inklusiver a qualitativ héichwäerteger Bildung fir jiddereen, ass et wichteg ze verstoen, wéi Lëtzebuerg sech an dësem globale Kontext positionéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass den SDG och op Lëtzebuerg applikabel?
   - Wa jo, wat fir e Budget an Investitioune sinn hei konkret virgesinn?
   - Wa jo, ass Lëtzebuerg momentan um Wee, fir déi festgeluechten Ziler vum SDG 4 bis 2030 ze areechen, a wéi eng Mesuren si virgesi fir dës Zieler ze erreechen?
2. Wéi vill Prozent vun de Kanner a Jonken hei am Land kënnen net richteg liesen oder schreiwen?
3. Wéi eng Programmer a Ressourcë setzt d'Regierung an, fir sécherzestellen, dass all Schüler déi fundamental Fäegkeeten am Liesen, Schreiwen a Rechnen entwéckelt?
4. Wéi evaluéiert d'Regierung de momentanen Niveau vun dëse Basis-Kompetenze bei de Schüler, a wéi eng Mesurë gi geholl, wann Defiziter festgestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten